

Satisfyer

Gebrauchsuweisung Satisfyer – Gentle Light Gleitmöittel

D'Gleitmöittel vu Satisfyer

D'Satisfyer Gleitmöittel si Produitö fir d'Uwennung op der Haut. Si hunn eng ueleg- a fettfräi Rezeptur an iwverzeege mat beschte Gleiteegeschaften mat Laangzäitwierung.

D'Gleitmöittel vu Satisfyer Men sinn op Waasserbasis. Dat bedeit, dass se einfach an ouni Réckstänn mat Waasser ofzewäsche sinn an et huet een och kee peschecht Gefill op der Haut. Si sinn ideal ofgestömmt fir d'Benotze mat alle Satisfyer Produiten, können awer och mat allen aneren Toyen oder beim Geschlechtsverkéier benotzt ginn.

Sou wierken d'Gleitmöittel

D'Gleitmöittel maachen d'Uwennung mat dengem Satisfyer einfach a ouni Reiwung. De Silikonsopsaz gleit duuss iwwert deng intimst Plazen an erméiglecht sou eng ideal Positionéierung fir de maximale Genoss. Wéinst der Rezeptur ouni Faarf, Gout a Geroch göss de net vun der Haaptsaach ofgelenkt a kanns dech voll a ganz op deng Befriddegung konzentréieren.



Uwennung vu Satisfyer Gleitmöittel

Déi praktesch Fläschchen mécht eng einfach Doséierung méiglech. Dréps e bösse Gleitmöittel op deng Klitoris an och e bessen op de Satisfyeropsaz. Verdeel d'Gleitmöittel op de gewünschte Kierperplazen.

Beim Geschlechtsverkéier soll een och genuch Gleitmöittel op de Kierperdeel oder op de Kondom, deen iwwert de Penis gezu ginn ass opdroen, a mat de Fangere verdeelen. Et gött recommandéiert, dass ee sech virum Benotzen anstänneg d'Hänn wäscht.

Bei der Uwennung mat engem Kondom onbedéngt d'Hiweiser an der Gebrauchsuweisung vum Kondom kucken.



Satisfyer Gleitmöittel ofmaachen

D'Gleitmöittel vun der Satisfyer Gamme können ganz ouni Réckstänn mat Waasser ofgewäsch ginn, ganz egal ob vun der Haut, de Schläimhait oder vun dengem Toy. Aus hygenesche Grönn solls du däin Toy virum an nom Gebrauch propper maachen. Dowéinst ass de Satisfyer Desinfectant Spray perfekt.

Aner Hiweiser iwver d'Benotze beim Geschlechtsverkéier

Schwangerschaftsverhütung a Schutz virum Infektiounen

D'Satisfyer Gleitmöittel schützen net virum enger Schwangerschaft, si enthalen keng spermizid Wierkstoffe a bidden och kee Schutz virum Infektiounen.

Beim Kannerwonsch

Gynekologe recommandéiere kee Gleitmöittel ze benotzen oder just e bessen ze huelen, wann ee gäre Kanner hätt, well et méi schwéier gött, schwanger ze ginn.

Aner Hiweiser bei Onverträglechkeeten

Bei der Sich no Onverträglechkeeten, z.B. allergieausléiend Ingredienzen, soll ee virum Benotzen d'Kennzeechnung vum Produit énnere „Ingredients (INCI):“ kucken. Am Fall vun Hautirritatiounen, maach weg de Produit wéi beschriwwen of a kontaktéiere eventuell en Dokter.



Ingredienzen

Waasser, Glycerin, Hydroxyethylcellulos, Natriumbenzoat, Zitrounesaier



EXCLUSIVE DISTRIBUTION BY:

Internetmarketing Bielefeld GmbH,
Am Lenkwerk 3, 33609 Bielefeld, Germany

